

## **Aktiounskomiteé Infoversammlung 5. Mee 2014**

### **1) Bilan vum Streik**

- Streik war néideg: schonn säit Juni waren Organisatiounen amgaangen mat de jeeweilegen Minister a Parteien ze verhandelen: Ouni Resultat, ouni dat eis Fuerderungen seriö geholl goufen.
- Streik ass ideal ofgelaf. Mir kënnen eis Zuel vun 17'000 bestätegen, opgrond vu Bildmaterial.
- Fazit: Ziel gouf erreicht: Mir hu lo déi néideg Opmierksamkeet an Éffentlechkeet an den Drock op d'Regierung ass wesentlech méi grouss.

### **2) Info 6670**

- Immens vill Organisatiounen hunn kritesch Avien rausginn, eng lwwersiicht op [streik.lu/buendnis/](http://streik.lu/buendnis/)
- Aktiounskomitee schafft un eenheetlech Avis. Eis Fuerderungen:
  - *Basisunterstützung* deutlich erhöhen um somit auch weiterhin die Autonomie der Studierenden zu fördern und eine erhebliche Verschlechterung gegenüber 2010 zu verhindern. Die genaue Höhe sollte sich nach der Höhe des Kindergelds richten und hängt von der Umsetzung der anderen Forderungen ab.
  - *Mobilitätszulage* nicht an das Verlassen des Heimatlandes koppeln. Um die Autonomie zu fördern und Nicht-Diskriminierung sicher zu stellen, sollte diese alleine an das Verlassen des Elternhauses, bzw. das Zahlen von Miete gebunden sein.
  - Die *Soziale Unterstützung* muss ein Zusatz sein. Zumindest müsste die Zahl der Kinder einbezogen und das Einkommenskriterium auf Basis einer Impaktstudie überarbeitet werden.
  - *Dauer der Studienbeihilfen* wie gehabt auch für den Master bei Regelstudienzeit + 1 Jahr belassen.
  - Die Höhe des *Darlehens* sollte um den jeweils nicht erhaltenen Teil der sozialen Unterstützung erhöht werden. Die Höhe des Zinssatzes sollte gesenkt werden.
  - Die *Härtefallzulage* ("situation grave et exceptionnelle") muss klar definiert werden. Hier wäre eine nicht ausschließliche Liste von Kriterien und Situationen denkbar. Diese zusätzliche Hilfe könnte zB. auch Studierende mit Kindern einschließen.
  - Vorlegen einer *Impaktstudie* zur Entwicklung der Studienbeihilfen und Familienzulagen. Diese sollte den Impakt der Reformen von 2010 und der Jetzigen auf verschiedene Haushalte und Studierenden in unterschiedlichen Situationen umfassen.
  - Alle Beträge der *Studienbeihilfe indexieren* und wie bei Sozialleistungen üblich regelmäßig an die Inflation anpassen.
  - Für die Behörde *CEDIES* muss ein geeignete personelle Ausstattung garantiert werden, damit die im Gesetz vorgesehenen Fristen auch in der Realität eingehalten werden.

### **3) De Wee vum 6670 duerch d'Instanzen**

"Formal" Prozedur bis d'Gesetz an Chamber gestemmt gött & wou nach Méiglechkeeten sinn fir Changementer:

#### **a) Avis Staatsrot** (juristeschn/net inhaltlech):

Deen kéint soen, dat den 6670 net Verfassungskonform ass (d'Chance ass ganz kleng).

#### **b) Eenzel Diskussiounen mam Minister Meisch:** D.h. den Minister selwer zu Changementer ze beweegen.

--> *Chancen:*

1) Mat him hannert zouenen Dieren verhandelen: Bal keng Chance op Ännerung

(an Diskussiounen mat der ACEL huet hien kloer gemach, dat hien keng substantiell Changementer méi maache wäert.)

2) Éffentlechen Debat (hu mir amplaz „privater“ Entrevue ugefrot): erhéicht den Drock & d'Leit vum Streik hunn Zougang.

### **c) Diskussioun an der Chamberskommissioun.**

*Président:* Beissel Simone (DP)

*Vice-Présidents:* Adam Claude (déi gréng), Hansen Martine (CSV)

*Membres:* Adehm Diane (CSV), Modert Octavie (CSV), Oberweis Marcel (CSV), Wilmes Serge (CSV), Bofferding Taina (pour les volets Enseignement supérieur et Recherche) (LSAP), Burton Tess (LSAP), Cruchten Yves (pour les volets Médias et Communications) (LSAP), Negri Roger (LSAP) Bauler André (DP), Berger Eugène (DP), Reding Roy (ADR)

--> *Chancen:*

- 1) Eenzel Leit maachen sech an der Chamberskommissioun fir e Changement staark.
- 2) Mir kéinten iwwer eng Petitioun selwer an d'Chamberskommissioun kommen an eis Positionen do nach eng Kéier duerstellen.
- 3) Mir kréien (wei mer et gefuerdert hunn nom Streik) e öffentlechen Debat mat de Memberen vun der Chamberskommissioun + Meisch.
- 4) Mir kënnen weider Drock maachen op d'Politiker, d'Debat an d'Öffentlechkeet huelen an drop awierken, dat d'Thema öffentlech ass.

### **d) Vote an der Chamber**

Et kéint virum Vote an der Chamber natierlech schonn zu Verännerungen am Gesetzestext kommen, deen misst dann ev. nees duerch de Staatsrot an duerch d'Chamberskommissioun etc.

--> *Chancen:*

- 1) Eenzel Deputéierter iwwerzeegen géint den Projet de Loi ze stemmen. (Chance ass ganz kleng, si géifen doduerch eng Regierungskris provozéieren.)

## **4) Strategie**

### **a) Öffentlechkeet/Drock vu baussen:**

*Am Moment:*

- Mir hu gutt Press, well de Streik gutt verlaf ass, an impressionant wor, d'Messages kloer riwwer komm sinn. Nom Streik hu mir als Reaktioun op dem "Meisch seng oppen Dieren" een öffentlechen Debat gefuerdert.

*Weider:*

- Mir halen den Drock och iwwer d'Press héich, andeems mer eis Aktiounen emmer kommunizéieren. Mir ginn och Infoen aus Verhandlungen direkt un d'Press weider.
- Ideal wier een öffentlechen Debat mam Minister Meisch, zu deem och d'Press Zougank huet.

### **b) Verhandlung**

*Am Mom.:* Privat Gespréicher mam Minister Meisch bréngen naicht substantielles, ë schwätzt vu Schéinheitsfehler.

- aus de Reien vun LSAP an déi gréng ass och Kritik um 6670 ze héieren, wann och just hannert de Kulissen.

*Weider:* - Mir fuerderen öffentlech Verhandlungen mam Minister Meisch, fir dat d'Leit vum Streik Zougank hunn an den Minister Meisch eis net als PR-Instrument benotzt.

- Mir versichen mat de Leit aus der Chamberskommissioun an d'Gespräch ze kommen.

### **c) Informationskampagne**

*Am Moment:* - Bal jiddwereen, deen d'Infoen huet, ass op eiser Säit, wat méi Info dobaussen ass, wat besser fir eis. Dem Minister Meisch säin eenzegt Pro-Argument fir d'Gesetz ass Staatsfinanzen sanéieren.

*Weider:* - eisen Avis + weider Online-Infokampagnen.

- Emmer nees Leit (zB. aus der Chamberskommissioun) direkt matt eisen Kritiken konfrontéieren.
- Eis Leit/Leit vum Streik mathuelen, um lafenden halen, an hinnen iwwersiichtlech Argumentatiounstexter an d'Hand ginn.

### **d) Aktiounen**

*Am Moment:* Streik, Petitioun, Onlineaktiounen / oppen Bréiwer

*Weider:* Protestaktiounen, Weider Onlineaktiounen + oppen Bréiwer